N° 7833
Entrée le 26.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n° 7833 vum 29. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement "Signalement d'une atteinte aux règles de protection des données"**

D'CNPD deelt d'Aschätzung vum honorabelen Deputéierten net: wann d'CNPD eng Reklamatioun vun engem Aussestoende kritt, deen net selwer vum Dateschutzproblem betraff ass, da kann dat als Signalement betruecht ginn, an dofir gesäit sech d'CNPD fir zoustänneg un.

D'CNPD hëlt tatsächlech och Signalementer un, an traitéiert déi wéi eng Reklamatioun fir rauszefannen ob et opportun ass, d'Traitement vun deem Signalement ze poursuivéieren. An dem Sënn applizéiert d'CNPD den Artikel 6 vun d'"Procédure relative aux réclamations"[1]. "En fonction de la gravité et de l'impact sur les personnes concernées des faits signalés" decidéiert de Collège vun der CNPD, wat gemaacht gëtt.

Dat d'CNPD zoustänneg ass, ergëtt sech aus dem Artikel 37 vum Gesetz vum 1. August 2018 "portant organisation de la Commission nationale pour la Protection des données et du régime général sur la protection des données" de beseet: "La CNPD peut intervenir de sa propre initiative..." fir eng Enquête opzemaachen. Dës eegen Initiative baséiert allerdéngs entweder op engem Signalement oder op der Volontéit fir an engem spezifesche Secteur eng spezifesch Problematik ze kontrolléieren.

D'CNPD kann also als allgemeng Kontaktstell fir d'Meldung vun Dateschutzproblemer ugesi ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2023
De Kommunikatiouns – a Medieminister
(s.) Xavier Bettel

[1] https://cnpd.public.lu/fr/legislation/droit-lux/Reglements-CNPD.html